

Lëtzebuerg, den 27. Juli 2020

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister an d'Madame Ëmweltminister weiderzeleeden:

« Tëscht Bierden a Waarken, um Territoire vun der Gemeng Ettelbréck, soll spéitstens an zwee Joer eng Wandmillen opgerücht ginn; mat hiren 230 Meter déi héchst am ganze Grand-Duché. Och op Dikrech soll sou eng Wandmille stoe kommen. D'Wandmille kéim, sou liest een an der Press, zimmlech no bei déi éischt Haiser vu Bierden placéiert ginn, just 750 Meter wäit ewech. Vill Bierger vu Bierden an Ierpeldeng-Sauer maachen sech Gedanken iwver den Impakt op hir Gesondheet vun dëser fir Lëtzebuenger Verhältnisser dach éischer ongewinnt héich Wandmillen.

Virun deem Hannergrond wollte mir dem Här Energieminister an der Madame Ëmweltminister folgend Froe stellen:

- Wéi positionéieren sech den Här an d'Madame Minister zur Thematik „Infraschall“, also Schallwellen, déi een zwar net héiere kann, an awer op de mënschleche Kierper Afloss huele kënnen? Gëtt et dozou Studien, déi de Ministère ënnert d'Lupp geholl huet oder bereet ass ze huelen fir dës am Entscheidungsprozess ze berécksiichtegen?*
- Stëmmt et, datt de Schied vun dëser Wandmillen, je no Joreszäit, ganz no un d'Grenz vum Bierdener PAG kënnt? Wa jo, sinn den*

Här an d'Madame Minister sécher, datt dat net d'Liewensqualitéit vun de Bierger beanträchtegt?

- Wier et net besser de Standuert vun der Wandmillen ze iwwerdenke fir de méiglechen Afloss op déi physesch a mental Gesondheet vun de Bierdener Awunner ze miniméieren?*
- Denkt de Ëmweltministère drun, fir déi aktuell Legislatioun an dësem Beräich ze iwwerschaffen, fir datt de Mindestofstand vis-à-vis vu bebauten Zone méi grouss gëtt, sou wéi dat elo schonn de Fall an aneren europäesche Länner ass, déi déi geltend Norme méi streng gemaach hunn?*
- Sinn den Här an d'Madame Minister bereet fir den Dialog mat de Bierdener an Ierpeldenger Bierger opzehuelen an eng Rei Froe mat hinnen am Kader vun enger weiderer Informatiounsversammlung ze klären, fir datt Ängschten a Suerge vun der Bevëlkerung am direkte Gespréich kënnen ugesprach ginn?*
- Wa jo, wier dat am spéide Summer oder am fréien Hierscht méiglech?»*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Gusty GRAAS
Deputéierten